*Pressematdeelung vum 18. Februar 2025*

Den ADR-Nationalkommitee ass gëschter regulär zesummekomm an huet iwwer de Virfall betreffend den honorabelen Deputéierten a Gemengeconseiller Tom Weidig diskutéiert.

Den Tom Weidig huet sech erkläert, entschëllegt an agesinn, dass hie Feeler gemaach huet. Den Nationalkommitee ass no engem klärenden an oppene Gespréich ënnert anerem zur Conclusioun komm, dass den Här Weidig keng Leit vernichte wëll an och net dozou opruffe wollt. Duerch dem Tom Weidig säi kontinuéierlecht Verhalen op de sozialen Netzwierker huet den Nationalkommitee him awer eng schrëftlech Verwarnung ausgeschwat mat verschiddene Moossnamen, déi sech zum Deel och aus dem Gespréich mat him erginn hunn, woubäi hie selwer Moossname proposéiert huet. D'Verhalensweise vun him op de soziale Medie si gekläert ginn. Sou wéi eis intern Veruerdnung et virgesäit an et gëschter Owend och nach eng Kéier am Nationalkommitee beschloss gouf, gëtt keng weider Moossnam der Ëffentlechkeet matgedeelt.

*Matgedeelt vun der ADR*

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 11, Biirkelter Strooss L-6552 Bärtreff Tel.: (+352) 2620 3706